

Presentatioun vum Wuertatlas vum Alain Atten a vum Claude Schmit (19.03.2025)

Communiqué par : ministère de la Culture

Den 19. Mäerz 2025 gouf den neie Sproochatlas vun den Auteuren Alain Atten a Claude Schmit an der Nationalbibliothék viru ronn 200 Gäscht an a Presenz vum Kulturminister Eric Thill virgestallt.

Nom éischte Band vum *Lëtzebuenger Sproochatlas 1900*, dem *Laut- a Formenatlas*, deem 2023 publizéiert gouf, dokumentéiert den zweete Band, de *Wuertatlas*, wéi eng verschidde Bezeechnungen et fréier fir dee selwechte Géigend gouf: Wou seet ee *Päiperlek* a wou *Pimpampel*, *Millermoler* oder nach anescht?

An de 1960er- a 1970er-Jore vum viregte Joerhonnert ass den Alain Atten queesch duerch d'Lëtzebuenger an duerch d'Areler Land gezunn, fir gewuer ze ginn, wéi d'Leit, déi ëm 1900 gebuer waren, géife schwätzen. Hien huet de Leit op 546 Plazen zu Lëtzebuerg an op 72 Plazen hei vir an der Belsch ganz genoe nogelauschert. Wonnerbar vum Claude Schmit kartografiert si seng Daten elo och am *Wuertatlas* fir jiddereen zougänglech a liicht ze verstoen.

De Kulturminister Eric Thill huet dem Här Atten fir dës beandrockend Aarbecht Merci gesot: „D'Sprooch ass lieweg, si ännert sech konstant, et ass eebe geliefte Patrimoine. Ma duerch den Alain Atten ass de Patrimoine vun de lokalen Dialekter am Lëtzebuergesche konservéiert. Dofir seet eist Land lech, Här Atten, e grouse Merci.“

Iwwer d'Buch

Den zweete Band vum *Lëtzebuenger Sproochatlas 1900*, de *Wuertatlas*, gëtt erausgi vum Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch (ZLS) zesumme mat der Section de linguistique, d'ethnologie et d'onomastique vum Institut grand-ducal de Luxembourg (IGD-LEO). D'Buch am A3-Format ass 600 Säiten déck an ass zweesproocheg: Den Atlas dokumentéiert déi fréier Uertsdialekter zu Lëtzebuerg an am Areler Land, mee den Haapttext mat de Lëschten an den Erklärtexter sinn op Däitsch gehalen, fir esou och fir den däitschsproocheg Public zougänglech ze sinn. Well d'Donnéen duerch dem Claude Schmit seng Aarbecht digitaliséiert sinn, kënnen se op ënnerschiddlech Manéiere weiderverschaft ginn. Ënner anerem ass ugeduecht, d'Kaarten an Zesummenaarbecht mam Kadaster digital am Geoportail zur Verfügung ze stellen – mat enger Funktioun, mat där ee sech déi eenzel Variante mat der Stëmm vum Alain Atten wäert kënnen virliese loossen.

No den Aleedungstexter fënnt een am Buch eng Iwwersiicht iwwer de Gebrauch vun de Lautzeechen, déi am Atlas benotzt ginn, an eng Grondkaart mat all de Beleeguerter. Den eigentleche Wuertatlas besteet aus 452 Dialektkaarten, woubäi bei all Stéchwuert zwou Dialektkaarten ze fanne sinn: eng detailléiert am A3-Format mat enger Legend a phoneeteschen Zeechen an anerersäits enger méi klenger Flächekaart, op där déi verschidde Wuertgruppen zesummegefaasst sinn. All d'Kaarte gi begleet vun engem kuerzen Text mat Erklärungen vum Här Atten a bei iwwer 80 Stéchwierder (v. a. aus de Beräicher Flora, Fauna a Landwirtschaft) fënnt een doriwwer eraus eng passend Illustratioun vum Patrick Hallé. Dobäi kommen an der Annex 26 Lautkaarten als Ajoute zum

éischte Band; siwen Territorialkaarten, déi zousätzlech historesch Informatiounen liwweren, an zwou Koinè-Kaarten vum Claude Schmit. Den Ofschloss maachen eng Bibliografie mat méi ewéi 1.000 Referenzen an en Uertsnimm-Regëster an dräi Sproochen.

Iwwer d'Auteuren

De Mag. Alain Atten, Joergang 1938, gëllt als ee vun de ganz groussen Kenneren vun der Lëtzebuurger Sprooch. Mat deem Wierk léisst de bekannte Sproochmatten d'Leit u sengem breeden Wëssen iwwer déi lokal Mondaarten deelhuelen.

Den Dr. Claude Schmit, Joergang 1977, ass Geografiesprofesser am Sportlycée an huet Freed mat der Kartografie. Et war him e Pleséier, déi sproochlech Froebier vum Alain Atten op eng flott a modern Aart a Weis an d'Bild ze setzen.

D'Dr. Sara Martin huet de Projet am ZLS koordinéiert. Si ass do ënner anerem och zoustänneg fir de *Lëtzebuurger Online Dictionnaire*.